De Recyclage

Wat as Recyclage ?

No enger ofgeschlossener Formatioun an enger ausgestallter Ernennung as et wichteg fir um Ball ze bleiwen. Dofir muss all ernannte Chef/taine Recyclage matmaachen fir séng Ernennung erneiert ze kréien.

De Recyclage verfollegt verschidden Zwecker:

- E soll dem Chef/taine **nei Impulser** gin.
- Et soll eng **Weiderbildung** sin (nei Techniken, sech um Lafenden vun de Branchemethoden halen, ...).
- De **Kontakt** vun de Branchenéquipen zu de Meuten, Truppen respektiv Clanën soll erhale bleiwen a verstäerkt gin.
- Et as eng wichteg Méiglechkeet fir den **Informatiounsfloss** tëscht der Base an den Equipen ze behalen.

Opgepasst: D'Erneierung kritt een nët automatesch, et muss een drun denken, eng Demande ze maachen !

Wat as verlaangt ?

Als Recyclage mussen d'Chef/tainë vun de Branchenunitéiten **2 Recyclage-Aktivitéiten am Laf vun 3 Joer** matmachen. 1 Aktivitéit dovun muss an der Branche gemaach gin, wou d'Ernennung erneiert soll gin.

A spezielle Fäll z.B. bei laang ofgelafener Ernnennung, Studien am Ausland, besonnesche Schwiregketen etc. soll ee beim Branchecommissaire nofroën, ënner watfir Conditiounen d'Ernennung kann erneiert gin.

Wat sin d'Méiglechkete fir de Recyclage ze maachen ?

- D'**Branchenéquipë** bidden Recyclage-Deeg oder Recyclage-Owender an eventuell Recyclage-Weekender un.
- D'Formatiounséquipe bitt Recyclageméiglechkeeten un, déi **iwwerbranchlech** sin, wéi z.B.:

    Technikendag

    Formatiounsowender

    WE religieux fir ernannte Chef/tainen

- D'**Gruppe** kënnen kënnen e Recyclage an hirem Grupp, no Récksprooch mam Formatiounscommissaire, organiséieren. D'Formatiounséquipe kann de Grupp bei der Organisatioun ënnerstëtzen.
- De **Gilwellcamp** ersetzt déi 2 Recyclage-Aktivitéiten.
- No Récksprooch mam Branchecommissaire kann och e **Mathëllefen um nationale Plang** als Recyclage unerkannt gin, wéi z.B.:

    Mathëllefe beim Organiséieren vun enger nationaler Branchenaktivitéit

    Matschaffen an engem Aarbechtsgrupp vum Verband

- No Récksprooch mam Branchecommissaire kënnen och **Formatiounsaktivitéiten ausserhalb vum Verband** unerkannt gin, wéi z.B.:

  1. Hëllefcours

  Technikecours, mat Ofschloss (Guitarre, Theater, Handwierkstechniken, ...)

- Eng flott Méiglechkeet as och d'**Formatioun am Ausland**. De Branchecommissaire muss just virdrun säin Accord gin.

D'Formatiounséquipe stellt am Ufank vun all Aktivitéitsjoer eng Lëscht op mat de verschiddene Méiglechketen. Si gët am “Contact” veröffentlecht.